

## **Froen CID**

### **Bildung**

#### **1. Wéi wëllt Dir diskriminéierend Inhalter (sexistesch, rassistesch, klassistes) am Schoulmaterial an an de Programmer ofschaffen?**

D'CSV steet fir eng Schoul vum Mateneen an der Integratioun. Fir eng Schoul och vun der Chancégerechtegkeet. Mir wäerten duerfir d'Schoulmaterial an och d'Programmer entspreechend op sexeschesch, rassistesch an och klassistesch Inhalter hin iwwerpräiwen. An hei intensiv mat den Enseignanten zesummeschaffen. D'Schoul ass fir eis och eng Schoul vun der Gläichberechtegung. An och ee Vacteur fir eng méi gerecht Gesellschaft.

#### **2. Wéi wëll Är Partei d'Representatioun vu Fraen an de Schoulprogrammer erhéijen (weiblech a queer Auteuren an der Literatur, Kënschtlerinnen, Wëssenschaftlerinnen, Musekerinnen,...)?**

Do wou mer hei Programmlücken hunn, wäerte mir versichen nozebesseren. Hei ass de classesche Wëssenskanon duerchaus ze iwwerkucken. Mä ëmmer am Dialog mat den Enseignanten um Terrain.

#### **3. Wëllt Dir genderspezifesch Aspekter an d'Ausbildung vum Léierpersonal integréieren?**

D'Ausbildung vum Léierpersonal ass eng vun eise wichtigste Prioritéiten. Ouni gutt Léierpersonal keng gutt Schoul. Et ass wichtig, datt d'Léierpersonal fir d'Genderfro sensibiliséiert gëtt. Nach muss ee genee kucken, wat domadder gemengt ass.

#### **4. Wëllt Dir d'Erkennung an d'Präventioun vu Gewalt an d'Formatioun vun der Police, der Justiz an dem Gesondheetspersonal als feste Bestanddeel integréieren, respektiv ausbauen?**

Mir brauchen hei eng Formatioun, déi all Formen vu Gewalt ëmfaasst. Beim Gesondheetspersonal brauche mir eng komplett Reform vun de Beruffer.

#### **5. Wéi wëllt Dir eng geschlechtersensibel Perspektiv an déi non-formell Bildung integréieren?**

Wichtig ass, datt Jongen a Meedercher net automatesch an Aktivitéiten gedrängt ginn, just well si ee bestëmmt Geschlecht hunn. Dat gëllt och fir all Aspekter vun der non-formeller Bildung. De Kaderplang muss dem Rechnung droen. Entscheedend sinn Interessien, Talenter a Kompetenzen. Net d'Geschlecht.

### **Aarbecht**

#### **6. Wéi wëll Är Partei de berengegten Gender-Pay-Gap ofschaffen?**

De Prinzip muss dee selwechte Loun fir déi selwecht Aarbecht sinn. Mä de Gap fänkt dacks schonn bei der Berufswiel un. Et muss een also fréi usetzen. Wëll kee Gap deet eiser Gesellschaft gutt.

#### **7. Ëm wéi vill Stonne wëll Är Partei d'Aarbechtszäit verkierzen?**

Mir sinn éischer fir eng Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit. An dat am Dialog mat de Sozialpartner.

**8. Wéi wëll Är Partei déi grouss Ongläichheet tëscht de Geschlechter bei de Renten ausgläichen?**

Mir trieden grondsätzlech mol fir eng Steierentlaaschtung vu klengen a mëttlere Gehälter an. D'Renten spigelen natierlech d'Ongläichheeten vun de Revenuen aus der Vergaangenheet erëm. Do ass et schwierig, réckwierkend auszegläichen. Ausser natierlech iwwert déi verschidde Weeër vu sozialen Transferten, déi awer geschlechterneutral sinn.

**9. Wëll Är Partei e bedéngungsloost Grondakkommes aféieren?**

Zu dësem Zäitpunkt net, well et praktesch schwierig an zu groussen Deeler och ongerecht ass.

**10. Wéi wëll Är Partei eng Kannerbetreierung fir all Kand, onofhängeg vun der Situatioun vun den Elteren, garantéieren (besonnesch fir strukturschwaach Géigenden an Elteren, déi op den öffentlechen Transport ugewise sinn)?**

Mir si fir de fräie Choix vun der Kannerbetreierung. De Staat muss all Forme vu Kannerbetreierung faktesch erméiglechen! Och d'Elteren déi Doheem d'Kanner betreien, sollen eng Hëllef kréien. Op der anerer Säit muss de Precoce iwwerall sou organiséiert ginn, datt en fir all Kand zougängelech ass. D'Zesummenaarbecht mat der Maison relais muss verbessert ginn. An natierlech si mir fir eng flächendeckend Offer.

**Famill**

**11. Ëm wéi vill Wochen oder Méint wëll Är Partei de Congé de naissance (aktuell Bezechnung "Pappecongé") verlängeren?**

Mir hunn heizou nach keng opgeschlosse Meenung.

**12. Wéi wëllt Dir d'Aarmut vun den Elengerzéienden ofschafen?**

Virun allem duerch direkt Steierentlaaschtungen an der Steierklass 1A. Mir plädéieren fir e Fräibetrag vun 30.000 Euro am Barème, fir eng manner schnell Progressioun a fir eng lwwergangszäit vu 5 amplaz vun 3 Joer vun der Steierklass 2 op d'Steierklass 1A. Grad Elengerzéiend sinn an de leschte Joren ze dacks vergiess ginn. Dobäi si grad si am vulnerabelsten, fir an d'Aarmut ofzerutschen.

**13. Wëll Är Partei e Recht op e Congé de maternité fir Deputéiert a Regierungsmemberen aféieren?**

Fir eis muss den Exercice vun engem Mandat kompatibel mat der Grënnung vun enger Famill sinn. Aus dësem Grond mussen all verfügbar Méttelen en place gesat ginn.

**Gesondheet**

**14. Wëll Är Partei „Endometriosis“ als Krankheet unerkennen? Falls nee: Firwat?**

D'Unerkennung vun de Krankheeten opläit de Professionellen aus dem Secteur. A muss dann och mat de Sozialpartner gekuckt ginn. Mir sinn awer der Meenung, datt de Katalog vun den unerkannten Krankheeten muss reegelméisseg der Realitéit an de Leiden vun de Patienten ugepasst ginn.

**15. A wéi fern ënnerstëtzt Dir d'Schafung vun engem onofhängege Bureau de Plainte bei gynekologescher Gewalt?**

Mir hunn eis an der Chamber fir e Bewosstsäinwandel a Saachen gynekologesch Gewalt ausgeschwat. An och d'Briechen vum Tabu begréisst. Fir eis ass doriwwer eraus eis Justiz onofhängeg.

**16. Wëll Är Partei d'Gratisverdeelee vu Menstruatiounsproduiten an alle staatlech geréierten Toiletten aféieren?**

Mir hunn dat schonn an enger Rei vu Gemengen propagéiert a setzen dat och ëm. Och iwwert eng landeswäit Aktioun soll ee nodenken.

**Am Moment ginn d'Pëll, de Vaginalrank, d'Verhütungsplooschter, d'Kupfer- an d'Hormonspiral bis zum 30. Liewensjoer zu 80% rembourséiert. Wëll Är Partei den Alter fir vun dësem Remboursement ze profitéieren erop setzen?**

Hei gétt jo elo vun 2023 all Verhütungsmëttel ouni Altersgrenz rembourséiert. Dat ass gutt esou. D'Verhütung däerf kee Privileeg vu Bessergestallte ginn.

**Politik a Gesellschaft**

**17. Wéi wëllt Dir d'Erhiewung an d'Notzung vun genderspezifischen Donnéeë sécher stellen (bei parlamentareschen Ufroen, beim Statec, bei Etüden, ...)**

Mir brauchen effektiv eng méi geschlechtsspezifesch Datenerhiewung. Just esou ass Gender-Mainstreaming an och Genderbudgeting méiglech. Detailler muss een allerdéngs de Spezialisten iwwerloossen.

**18. Wéi wëll Är Partei Genderbudgeting ëmsetzen?**

Och hei si mir am transversale Beräich vun der Budgetspolitik. Souwuel beim Staat wéi och bei de Gemengen. D'Iddi vun enger gendergerechter Budgetgestaltung ënnerstëtze mir. Och wann een net iwwerall de Label muss dropsetzen.

**19. Wéi setzt sech Är Partei besonnesch fir rassiséiert Fraen, queer Fraen a Frae mat Behënnerung an?**

Mir setzen eis gläichermoossen fir all Mënsch an. An och géint all Diskriminéierung. An dem Kader ass eisen Engagement och fir déi genannten Gruppen ze gesinn.

**20. Wéi wëll Är Partei genuch bezuelbare Wunnraum fir besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppe schafen (elengerzéiend Elteren, Familljen mat méi wéi 3 Kanner, Affer vun haislecher Gewalt, ...)?**

Mir hunn an de leschte Joren vill Propose gemaach fir wesentlech méi Wunnraum fir jiddereen ze schafen esou wéi d'Ausbauen vun Fraenhaiser. Och a grad méi abordabele Wunnraum. Zum Beispill duerch 30 Prozent fir abordabele Wunnraum bei Perimetererweiderungen. An och duerch d'Participatioun vu privaten Investoren. Domadder géif de Präis fir d'Leit alleguer erofgoen oder zumindest stabiliséiert ginn.

**21. Wéi wëll Är Partei Jongen- a Männeraarbecht fërderen (zousätzlech zum Service InfoMann)?**

De Service InfoMann ass jo vun der CSV-Ministesche Françoise Hetto-Gaasch an d'Liewen geruff ginn. Mä Genderpolitik ass net just transversal. Sie ass ëmmer och ee Prozess, deen ni ophält. An dem Sënn ënnerstëtze mir all sënnvoll weider Initiativen, déi doriwwer erausginn.

**22. Frae leeschten een Dröttel méi onbezuelte Care-Aarbecht wéi Männer an hunn doduerch däitlech manner zäitlech an ekonomesch Ressourcen, wat a ville gesellschaftleche Beräicher d'Ongläichstellung vun de Geschlechter férdert. Wéi wëll Är Partei dëser ongläicher Verdeelung vun der onbezuelter Care-Aarbecht entgéint wierken?**

Do beweegen mir eis am Raum vun der Famill oder vum Stot, dee sech fir d'éischt emol selwer organiséieren muss. Mä natierlech ass déi onbezuelte Care-Aarbecht och e gesellschaftlecht Phänomen. Mir plädéieren hei fir méi Gläichheet an e Mentalitéitswiessel. Mä dee kann een net imposéieren, just propagéieren.

**23. Wéi eng konkret Mesuren plangt Är Partei fir Paritéit an de politesche Mandater ze férdere?**

Mir hunn elo schonn bei eis an der CSV paritéitesch besate Duebelspëtzen an der Residence vun der Partei, der Fraktioun an och vum Generalsekretär. Mir hunn och eng Quot an eise Statuten, wat eis intern Gremien, awer och eis Lëschten fir d'Chamberwale uginn.

Doriwwer eraus muss d'Politik awer Chancëgläichheet och praktesch erméiglechen. Dat ass eng transversal Politik, fir déi mir eis asetzen.

**24. Wéi wëllt Dir sexistesch Belästegung am öffentleche Raum verréngere?**

Den öffentleche Raum gehéiert eis alleguer. D'Antrieden fir d'Net-Belästegung an dësem Raum ass eis wichteg. An dat muss sech op ville Pläng erëmispigelen. Och an de Schoulprogrammer zum Beispill. Mä och Sensibiliséierungscampagnen si wichteg.

**25. Wéi wëllt Är Partei eng geschlechtersensibel Verkéierspolitik férdere?**

Och hei gëllt, datt Geschlechtergerechtegkeet transversal ass. Mir wëllen zu all Moment fir Sécherheet fir jiddereen am öffentleche Verkéier suergen.

## **Aussepolitik**

**26. Wéi wëllt Är Partei eng feministesch Aussepolitik ëmsetzen?**

Dat ass eng Definitivonsfro. Wa feministesch Aussepolitik humanistesoch betruecht gëtt, si mir ganz duerfir. Mir sti fir eng mënschlech a ganzheetlecher Aussepolitik. Onofhängeg vum Geschlecht. Fir eng Aussepolitik fir alleguer d'Leit. Heiheem an dobaussen. A mat engem konkrete Mehrwert fir all Geschlechter.

**27. Wéi wëllt Är Partei d'Mënscherechter vu Fraen a geschlechtliche Minoritéiten ouni Pabeieren op europäeschem Niveau an hei am Land sécheren?**

D'Mënscherechter gëllen ëmmer an iwwerall. Onofhängeg vun de Pabeieren. Dat wäerte mir sécherstellen. An eis an Europa duerfir asetzen. Fir de Rescht gëllen déi international Konventiounen, déi europäesch Verträge, eis Verfassung an och eis Gesetze.

## **Kultur**

**28. Wëllt Dir paritéitesch virgoe bei der Fërderung vu Kënschtler\*innen (finanziell a wat d'Repräsentanz vun hire Wierker an de Kulturprogrammer betrëfft)?**

Mir brauchen hei ganz sécher méi eng grouss Fërderung. Awer eng Paritéit ass hei net onbedéngt ubruecht.

**29. Wëll Är Partei geziilt d'Schafe vu weiblechen, queeren a benodeelegate Kënschtlerinne fërderen?**

Jo. Allerdéngs no gewësse Krittären. Mä et ass wichteg, hei keen ze stigmatiséieren duerch eng falsch verstanen Ënnerstëtzung.